N° 7356
Entrée le 09.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.12.2022

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 9. Dezember 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Policeminister weiderzeleeden.

An de Spideeler vum Land sinn an der lescht Patienten an hiren Zëmmeren beklaut ginn, ee Fall geet laut engem Artikel am Tageblatt vum 5. Dezember op den 23. November zeréck, wou sech eng onbekannte Persoun, Zougang zu engem Spidolszëmmer, vun der Klinik um Kierchbierg, verschaf huet an d'Wärtsaachen vun engem sechsanachzeg-järege Patient geklaut huet, deen dee Moment am Zëmmer war. Esou Fäll wären, der Police no, keng Seelenheet, heescht et nach an deem Artikel. En aneren akute Problem an de Spideeler vum Land betrëfft d'Gewalt géint d'Gesondheets-Personal. Esou sollen Am Joer 2021 ronn 80 Prozent vun deene Beschäftegten betraff gewiercht sinnn. 94 Prozent vum Personal wiere verbal agresséiert ginn, a 70 Prozent esouguer kierperlech.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Kann d'Regierung confirméieren datt et méi heefeg zu Volen an de Spidolszëmmeren kënnt? Wa jo, wéi soll dorobber reagéiert ginn?
2. Ass der Regierung bekannt dass d'Gewalt géint d'Gesondheetspersonal zougeholl huet? Wa jo, wat gëtt dogéint ënnerholl?
3. D'Patientenopkommes an den Urgence vun de Spideeler ass bannent e puer Joer ëm 40% an d'Lut gaangen. Wéinst den doduerch verlängerte Waardezäiten kënnt et méi heefeg zu Agressioune géint d'Dokteren a Fleegepersonal. Ass d'Regierung net der Meenung dass deem Problem séier entgéint gesteiert muss ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten